OPPE, SOZIAL
A RESPONSABEL

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2022

**Communiqué de presse CSJ Nationalkongress 2022**

Léif Membere vun der Press,

Gëschter stoung de Krich an der Ukrain am Mëttelpunkt vum CSJ Nationalkongress zu Fluessweiler.

D'CSJ erwart sech hei kloer Wieder a staark Aktioune géint de russeschesn Aggresseur.

De Kongress huet dowéinst unanime d'Regierung opgefuedert, datt folgend Aktioune schnellstméiglech geholl ginn:

- Sech um europäesche Plang net nëmme fir e partiellen, mee e kompletten Ausschloss vu russeschen an och belarussesche Banken aus dem SWIFT-System asetzen;
- Sech um europäesche Plang fir en Importstopp vu russeschem Ueleg a Gas asetzen;
- Weider humanitär a militäresch Ënnerstëtzunge fir d'Ukrain fräi ginn an dofir suergen, datt Hellëf op der Platz ukënnt;
- En national koordinéierte Flüchtlingsplang entwéckelen fir déi vill privat a staatlech Initiativen sënnvoll ze vernetzen an de Leit efficace ënnert d'Äerm ze gräifen.

Doriwwer eraus huet de Kongress och éischt Konsequenzen aus dem Krich gezunn a fuedert datt:

- Eis Verdeedegungsausgaben an d'Luucht gesat ginn, fir esou dem 2% Ziel vun der NATO méi no ze kommen;
- D'europäesch Souverenität an Autonomie gestäerkt ginn. Besonnesch am Verdeedegungsberäich; mat ënnert anerem dem Opbau vun enger europäescher Verdeedegungskommandostruktur (wéi bei der NATO) souwéi engem gemeinsamen EU-Budget fir Militärausgabe bei der Uschaafung vu Material a bei der Forschung;

- D'Energieofhängekeet vu Russland staark reduzéiert gëtt. Dowéinst soll den Ausbau vun den Alternative Energien massiv acceléiert ginn. Dofir ass et wichteg, datt eis Regierung kloer Leitlinne festleet, Prozedure radikal verkierzt an eisen Entreprisen net emmer erem nei Mesüren operleet;

Niewent dem Konflikt an der Ukrain huet sech den CSJ Nationalkongress awer och nach mat den Erausfuederungen auserneegessat déi vill Jonk hei zu Lëtzebuerg am Alldag betreffen.

Dowéinst huet de Kongress a senger Resultioun "Lëtzebuerg, prett fir déi Jonk? Wéi mir d'Zukunfsperspektive verbessere kënnen." ënnert anerem folgend Punkten gefuedert:

1. **D'Mental Gesondheet soll endlech seriéis geholl ginn**

Wärend de Méint vun der Pandemie hu vill Jonker missen op villes verzichten. Déi Jonk konnten hier Frënn net méi gesi wéi si dat gewinnt waren, sozial Aktivitéite sinn ausgefall oder waren ageschränkt. An dëse Méint ass ëmmer méi siichtbar ginn, wat an eiser Gesellschaft scho laang verbuerge war. Ëmmer méi Leit, a besonnesch déi Jonk, hu mental ënnert dësem Zoustand gelidden. D'Weltgesondheetsorganisatioun WHO berifft sech am September 2021 op Zuele vun 2019 nodeems schätzungsweis eleng 280 Millioune Leit weltwäit ënner Depressioune leiden. Mir erneieren dofir nach eng Kéier eis Fuerderung, datt mental Gesondheet vu jidderengem en elementaart Grondbedierfnis a kee Luxus däerf sinn.

- Als CSJ si mir dofir der Meenung, datt d'Thema vun der mentaler Gesondheet méi an eise Schoule muss thematiséiert gi vir schwéiere Verleef vu psycheschen Erkrankungen entgéint ze wierken. Déi bestoend Servicer a Programmer mussen dofir méi siichtbar a méi accessibel gemaach ginn. D'Schafung vun engem staatleche "Guichet fir Mental Gesondheet" ass an eisen Aen dofir immanent wichteg.
- Mir fuerderen d'Aféierung vun enger Noutfall-Hotline fir Betraffener wou si sech kënne melle fir déi néideg Hëllef ze kréien. Dës Hotline soll mat dem "Guichet fir Mental Gesondheet" verbonne ginn. A verschidden europäesche Länner goufe sou Modeller schonn implementéiert, sou a Frankräich mam 119.
- Säit Jore verhandelt d'Gesondheetskeess mat der Fapsylux iwwert de Remboursementer vu Visitte beim Psycholog a Psychotherapeuten. An engem Gesetz vun 2015 ass dëst scho festgehale ginn. Bis haut ass et nach ëmmer net zu enger Eenegung tëschent den Acteure komm. Mir maachen dofir nach enger en waarmen Appell dës Verhandlungen sou séier wéi méiglech ofzeschléissen am Wuel vun eiser gesamter Bevëlkerung.

2. **Entreprenariat zu Lëtzebuerg méi staark ënnerstëtzen**

Fir d'CSJ ass et awer och wichteg den Entrepreneursgeescht ze férderen. Net jidderee kann a soll herno bei de Staat schaffe goen. Mir fuerderen dowéinst:

- Datt e Modell agefouert gëtt, wou de Staat jonk Entrepreneure wärend enger gewëssener Zäit e Revenu garantéiert bis se op de Been stinn. Dëse Model kéinte mir eis folgendermoosse virstellen:
  - 1. Joer vun der Grënnung 100% vum qualifizéierte Mindestloun
  - 2. Joer vun der Grënnung 75% vum qualifizéierte Mindestloun
  - 3. Joer vun der Grënnung 50% vum qualifizéierte Mindestloun

D'Finanzhëllef géif iwwert 3 Joer bestoen esoulaang de Break Even net erreecht ass. Bei der Selektioun vun de Projete soll net nëmmen ob Innovatioun gekuckt ginn, mee all Betribs-Grënner soll a priori kënnen ënnerstëtzt ginn. D'Auswahl soll duerch d'Préiwe vun der Seriositéit vum Projet (Business Plang) assuréiert ginn.

3. **Jonken zu Lëtzebuerg d'Méiglechkeet bidden fir nei Horizonter duerch Reesen an Europa kennen ze léieren**

No zwee Joer Corona ass de Wee zeréck an eisen Alldag ouni Restriktiounen a fräi kënnen ze reesen eppes no deem sech vill Jonker seenen. D'EU huet den DiscoverEU Programm lancéiert dee virgesäit, datt d'EU Bierger am Alter vun 18 Joer d'Chance kréien en Interrail-Ticket kënnen ze gewanne fir sou Europa mam Zuch kënnen ze entdecken. Als CSJ wëlle mir dëse Programm op nationalem Plang ausdeenen esou datt all 18-jähregen zu Lëtzebuerg dovu profitéieren kann.

Ofschléissend ass de President Alex Donnersbach a senger Ried och op d'Pläng fir d'CSJ fir d'Waljoer 2023 agaangen:

"2023 ass e Schlësseljoer. Bei de Gemengen an de Chamberwalen muss d'CSV mat enger kloerer Reformagenda a Sécherheetsagenda fir Lëtzebuerg an Europa untrieden. Eist Ziil ass et 150 jonk Kandidate bei deene Walen opzestellen fir Lëtzebuerg erëm no vir ze bréngen.

[...] Mir wäerten d'Regierung wéiderhi kritesch awer konkstruktiv begleeden a kommentéiren. A mir wäerten ons och weider mat Éiergäiz an Energie asetzen, datt all Jonken an dëser Gesellschaft eng Stëmm huet an datt all Jonken, och muer nach, e liewenswäert an attraktivt Land an engem sécheren Europa virfënnt."

Matgedeelt vum CSJ Nationalcomité